N°4247
Entrée le 17.06.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.06.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 17. Juni 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

„An dësem Joerzéngt gouf et hei zu Lëtzebuerg eng Rei Gemengefusiounen, déi aktiv vum Staat begleet gi sinn. D'Regierunge sinn a waren der Meenung, datt dës Fusiounsprozesser vun ënnen, also vun de lokalen Acteuren an de Bierger gewollt musse sinn. Och dës Regierung imposéiert keng Fusiounen. Si hëlt awer op Wonsch eng berodend Roll an.

E Referendum soll normalerweis de Wielerinnen a Wieler an de betraffene Gemengen d'Méiglechkeet ginn, fir de Fusiounswonsch ze legitiméieren a guttzeheeschen. An deem Kontext accordéiert d'Regierung och geweinlech eng extraordinär Dotatioun, souzesoen ee Startkapital fir d'Fusioun finanziell z'ënnerstëtzen.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- A wat fir engem Mooss hunn d'Regierungen zanter 2000 déi betraffe Gemenge beroden, fir datt d'Fusioun een Erfolleg konnt ginn ? Wat fir Ressourcë goufen dofir vum Zentralstaat zur Verfügung gestallt ?
- Wéi héich war an deene verschiddene Fäll déi aussergewéinlech staatlech Dotatioun, déi déi respektiv Gemenge vum Zentralstaat accordéiert kruten ? Wéi héich war dës Dotatioun pro Awunner an deene respektive Gemengen ?
- Wat fir eng maximal Dotatioun pro Kapp ass d'Regierung bei Fusiounsprojete bereet bäizeleeën ?
- Wéi huet sech déi ordinär staatlech Dotatioun an deene respektive Gemengen no der Fusioun entwéckelt, dat am Verglach mat der Zäit virum Zesummeschloss ?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu